Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Konsumenteschutz & Gesondheet weiderzeleeden.

An der Hierschtsaison bidde vill gastronomesch Betriber Wëldfleesch un, wat zu Lëtzebuerg geschoss a verschafft gouf. Dëst Fleesch däerf fir de Commerce a fir d'Produktioun vun lesswuere benotzt ginn.

D'Juegdgesetz reegelt an dem Kontext den Ëmgank mat Déieren, déi geschoss goufen. Dat geschossent Déier muss virum Ofliwweren an d'Schluechthaus ausgeholl a markéiert ginn. D'Kontroll vum Fleesch gëtt am Schluechthaus duerchgefouert. Wat d'Killketten an d'Hygiènesmesurë betrefft, do bleift d'Gesetz flou.

An eisen Nopeschlänner bemängelen Déiereschutzorganisatiounen dofir d'Consommatioun vun dësem Fleesch. De Konsum wär bedenklech, wéinst mangelhafter Hygiène, Kontrollen, an deelweis Belaaschtung duerch Toxinnen, resistente Keimen a Schwéiermetaller.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zäit däerf tëscht dem Ofschoss vum Déier an dem am Gesetz virgesinnen Schluechten vergoen? Anescht gefrot, wéi laang däerf een Déier nom Ofschoss ongekillt leie bleiwen? Kann de Landwirtschaftsminister versécheren, dass dës Delaien ëmmer agehale ginn?

2. Wéi eng staatlech onofhängeg Instanze kontrolléieren de Commerce vum Wëldfleesch? Ween kontrolléiert d'Anhale vun der Killketten? Wéi oft sinn dës Instanze bei de Juegten an de Schluechthaiser present fir d'hygienesch Kontrolle vum Wëllt duerchzeféieren?

3. Ass de Landwirtschaftsminister der Meenung, dass de Konsum vu Wëldfleesch onbedenklech ass? Kann de Minister an dem Zesummenhang eng Belaaschtung vum Fleesch duerch Bläi, Dioxinnen, resistent Bakterien a Cäsium ausschléissen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange